**PIRATEPARTEI LËTZEBUERG**
B.P. 83
7201 Bereldange

ahoi@piratepartei.lu
(+352) 20 60 66 66

# D'PIRATEPARTEI HUET KEE VERSTEESDEMECH FIR DÉI NEI "KANNERGELDSTEIER"

D'Piratepartei huet kee Versteesdemech fir de läschte Virstouss vun der Regierung a Saache Kannergeld. Net nëmmen ass elo schonns ugekënnegt, datt d'Kannergeld soll norméiert ginn, zousätzlech dozou soll elo och nach all Steierzueler matt enger Zousazsteier vun 0,5 % belaascht ginn. D'Piratepartei freet sech wéini dës Antisozial Mesurë vun der Blo-Rout-Grénger Regierung ophale sollen? *"Dës nei Steier ass fir Famillje matt Kanner, déi de Réckgrat vum Generatiounekontrakt duerstellen, eng indirekt Kierzung vun de Familljenzoulagen."* sou den Andy Maar, Gesellschaftspolitesche Spriecher a Generalsekretär vun der Piratepartei.

No de Kierzunge vun de Studiebäihëllefen, der viraussiichtlecher Kierzung vum Kannergeld fir Famillje matt méi wéi engem Kand, soll elo och nach eng Kéier jidderengem eenzel an d'Täsch gegraff ginn. D'Piratepartei weist sech dofir och erstaunt datt dës Mesure elo virun all Spuermesure ugekënnegt gëtt, ëmmerhin haten déi dräi Koalitiounsparteie virun de Wahle versprach, Steiererhéijungen nëmmen als läschte Mëttel unzegesinn. *"Et freet ee sech, wat e Wahlprogramm nach wäert ass, wann Koalitiounsparteie souguer bei deckungsgläichen Aussoen herno de Contraire maachen?"* sou den Andy Maar weider.

D'Piratepartei fuerdert vun der Regierung endlech d'Kaarten op den Dësch ze leen an de Bierger ze soe wat d'Pond Kiischte kaschte wäert! *"Mir, a sécherlech och vill Bierger, sinn dës Salamitaktik vu Blo-Rout-Gréng midd. Wann se Transparenz priedegen, da sollen si se och liewen!"* seet den Andy Maar ofschléissend.

**Fir et all interesséiertem Bierger z'erméiglechen, séier an onkompliziéiert seng zukünfteg Zousazkäschten ze berechnen, huet d'Piratepartei ënnert http://kannergeld.piraten.lu eng Rechemaschinn zur Verfügung gestallt.**